N°3343
Entrée le 29.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3343 vum 11. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wat ass den aktuelle Stand vun deem 2021 ugekënnegte Projet, fir d'Kapazitéit vun der Neonatologie am CHL ëm 6 Better opzestocken, a firwat ass dës Erweiderung bis haut nach net effektiv ëmgesat ginn?*

E Projet d'extension vun der Kannerklinik, ënnerdeelt an 2 Bauphasen, deen d'Ëmsetzung vu 6 zousätzleche Better an der intensiver Neonatologie erméiglecht hätt, war 2023 vum Ministère geneemegt ginn. D'Phase 2 vum Projet, an där d'Erweiderung vun de Kapazitéite vum Service de Neonatologie intensive virgesi war, konnt schlussendlech, wéi eng *Etude de faisabilité* um Terrain op Basis vun de Constate vun der éischter Phase erginn hat, net wéi ugangs virgesinn ëmgesat ginn, ënnert anerem well verschidden Unitéite fir d'Dauer vun den Aarbechten hätte misste verluecht ginn. Dëst huet en Iwwerschaffe vun den initiale Pläng duerch den Exploitant néideg gemaach. Dësen iwwerschafften Dossier läit dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet nach net vir.

*2. Ass de Ministère der Opfaassung, datt déi aktuell Zuel vu 16 Intensiv-Better (Niveau 3) ugesiichts vum konstante Bevëlkerungswuesstem an de leschte Joren nach dem reelle Bedarf vum Land entsprécht?*

Ugesiichts vum Bevëlkerungswuesstem an den ze erwaardenden Besoinen huet de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet dem Centre hospitalier du Luxembourg (CHL) am Kader vun dem an der éischter Fro ugeschwate Bauprojet eng ministeriell Autorisatioun fir d'Exploitatioun vun 22 Intensiv-Better fir d'intensiv Neonatologie ausgestallt.

Nodeems den 2021 ugekënnegte Projet net konnt ëmgesat ginn, waart de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'Erareeche vun engem adaptéierte Projet duerch den CHL.

*3. Gëtt et eng Etüd oder Projektioun, déi de Besoin un Neonatologie-Better a Relatioun zur demographescher Entwécklung fir déi nächst 10 Joer analyséiert?*

D'Projektioune fir déi nächst 10 Joer, baséierend op enger kombinéierter Analyse vu verschidde Facteuren, dorënner d'demographesch Entwécklung, de medezinesche Progrès an d'Aktivitéitsdonnéeën vum Service, erginn e geschätzte Besoin vu knapp 20 Better fir intensiv Neonatologie am Joer 2040.

D'Spidolsgesetz (loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et la planification hospitalière) an der Annex II gesäit eng maximal Kapazitéit vu 25 Better fir dëse Service vir, wat Flexibilitéit erméiglecht am Fall vun enger eventueller Erhéijung vum Besoin iwwer d'Projektiounen eraus.

*4. Wéi vill Transferten (in utero a post-partum) hu missten zanter 2022 wéinst Manktem u Plaz an d'Ausland (z.B. Tréier, Nanzeg, Léck) realiséiert ginn?*

Zanter 2023 hunn sech d'Transferten in utero an auslännesch Spideeler wéinst engem Manktem u Plaz an der Neonatologie intensive follgendermoosse präsentéiert:

- 2023 : 28 Transferten in utero ;
- 2024 : 24 Transferten in utero ;
- 2025 (bis den 23. Dezember) 14 Transferten in utero.

D'Donnéeë betreffend d'Transferte post-partum sinn net disponibel.

*5. Wéi oft koum et an de leschte 24 Méint vir, datt Kanner, déi am Ausland op d'Welt koumen, net konnten an de CHL rapatriéiert ginn, obwuel hire medezineschen Zoustand et erlaabt hätt, well keng Better fräi waren?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet verfüügt net iwwer dës Informatioun.

An der Praxis ginn d'Rapatriementer op Lëtzebuerg duerchgefouert, soubal de medezineschen Zoustand vum Kand an d'logistesch Kapazitéiten et erlaben. An e puer Situatiounen – besonnesch bei Neigebuerenen, déi staark virzäiteg op d'Welt koumen oder komplex Pathologien hunn – kann et medezinesch ubruecht sinn, datt d'Kand temporär am Ausland bleift, fir eng kontinuéierlech an optimal Versuergung ze garantéieren.

*6. Wéi vill Better vum Niveau 3 (intensiv Neonatologie) si konkret an de Pläng vum "Nouveau Bâtiment Centre" (CHL) a vum "Südspidol" virgesinn, a representéiert dëst eng Netto-Erhéijung par Rapport zur aktueller Kapazitéit?*

D'Spidolsgesetz ënnerscheet tëschent enger Maternité vum Niveau 1, mat engem Service d'obstétrique fir d'Prise en Charge vu Fraen a neigebuerene Puppelcher am Kader vun normale Schwangerschaften, an enger Maternité vum Niveau 2, mat engem Service d'obstétrique an engem Service de néonatologie intensive fir d'Prise en Charge vun normalen sou wéi pathologeschen oder Héich-Risiko-Schwangerschaften an neigebuerene Puppelcher déi speziell neonatal Fleeg brauchen. Dëst ass de Fall vun der Maternitéë vum CHL. D'Maternitéë vum Centre Hospitalier du Nord (CHdN), Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) an den Hôpitaux Robert Schuman (HRS) sinn dogéint Maternitéë vum Niveau 1.

Eng Maternité vum Niveau 1 ka laut Spidolsgesetz, wann se méi wéi 1.500 Accouchementer pro Joer realiséiert, de Suivi vu pathologesche Schwangerschaften assuréieren, sou wéi d'Prise en Charge an enger Unité de néonatologie (non-intensive) vun neigebuerene Puppelcher déi speziell neonatal net intensiv Fleeg brauchen.

De Projet vum „Nouveau Bâtiment Centre" als Akutspidol fir Erwuessener gesäit keng Better fir intensiv Neonatologie vir, déi Deel ass vun der Kannerklinik an am Projet vun der neier Kannerklinik vum CHL integréiert ass.

Am Plang vum „Südspidol" vum Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) si keng Better fir intensiv Neonatologie virgesinn, déi wéi am Spidolsgesetz definéiert, e sougenannte Service national ass, an deemno vun engem eenzelne Spidol exploitéiert gëtt.

Den CHEM plangt fir seng zukünfteg Maternité am Südspidol dem Krittär ze entsprieche fir d'Mise en place vun enger Unité de néonatologie (non-intensive).

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez